LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
05 AVR. 2019

Luxembourg, le 05 AVR. 2019

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**43, boulevard F.D. Roosevelt**
**L – 2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°495 du 12 mars 2019 des honorables députés Madame Diane Adehm et Monsieur Gilles Roth, concernant Boeing 737 Max 8, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Ufro n°495 vum 12. Mäerz 2019 vun der Madame Deputéierten Diane Adehm an dem Här Deputéierte Gilles Roth**

Ënner Berécksichtigung vun den Ëmstänn vum Accident deen an Äthiopien geschitt ass, huet d'Direction de l'Aviation Civile (DAC) den 12. Mäerz 2019 d'Entscheedung getraff all kommerzielle Fluch, deen duerch e Fliger vum Typ Boeing 737 Max a Richtung Lëtzebuerg, vu Lëtzebuerg kommend oder am lëtzebuerger Loftraum ausgefouert gëtt, bis op Weideres ze verbidden.

Dës Entscheedung ass de Moosname virausgaangen, déi méi spéit am Owend vum 12. Mäerz duerch d'Agence européenne de sécurité aérienne (AESA) getraff gi sinn (Erausgi vun enger "Safety Directive" an enger "Emergency Airworthiness Directive"), an déi fir den integrale Loftraum vun alle Memberstaate vun der Europäescher Unioun gëllen.

D'Auswierkungen op de Flughafe Lëtzebuerg si ganz limitéiert, well zënter dem Lancement vun dësem Fliger am Joer 2018 ass de Flughafen nëmme véier Mol duerch deen Typ Fliger ugeflu ginn.